N°412
Entrée le 25.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 412 vum 1. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen.**

Am Prinzip sinn nei Déngschtautoen 100% elektresch oder Plug-in Hybride, ausser a Fäll wou den Auto spezifesch Ufuerderungen erfëlle muss, fir déi et nach keng adequat elektresch Alternative gëtt. An dem Sënn optimiséiere souwuel d'Regierung, wéi och d'Maison du Grand-Duc, kontinuéierlech d'Nohaltegkeet vun hirem Fuerpark.

De Fuerpark bei der Staatsvisitt vum President vun der tschechescher Republik huet aus 3 Zorte Gefierer bestanen:

- Policeween a -Motoen;
- Autoen aus dem Fuerpark vun der Maison du Grand-Duc: hei ware 5 vu 6 Autoen Hybridgefierer (an een traditionell ugedriwwenen Minibus);
- Geléinte Gefierer: vu 6 kuerzzäiteg geléinte Gefierer waren der 2 Hybrid a 4 traditionell ugedriwwe wéinst engem Mangel vu Luedstatiounen.

Am Prinzipp sollen all Chauffeuren d'Motoren ofschalten wann hier Gefier geparkt ass, ausser wann dat aus sécherheetstechnesche Grënn net méiglech ass.

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN